



# MULTIPEL SKLEROS

Verständlech Erklärungen, fir eng  
komplex Krankheet ze verstoen

# GUTT ZE WÛSSEN

1. All MS ass anescht.
2. Weltwäit sinn ongeféier 2,8 Milliione Leit betraff.
3. Den Traitement vun der MS spillt eng wichteg Roll an huet e groussen Impakt, besonnesch wann den Traitement fréi ufänkt.
4. D'Recherche an der MS mécht andauernd Fortschrëtter.
5. MS kann heeschen, datt ee säi Liewe muss upassen. Dat bedeit awer net, datt ee seng perséinlech Ziler an Dreem muss opginn.
6. Mat MS steet keen eleng do. MSL steet lech mat Hëllef an Ënnerstëtzung zur Säit.

## Wat ass Multipel Skleros?

MS ass eng neurologesch Krankheet. Si betrëfft dat zentraalt Nervesystem, d'Gehir an d'Réckemuerch. Bei engem gesonde Mënsch schützt d'Immunsystem virun Infektiounen, bei enger MS ginn d'Nerven iertemlecherweis vum Immunsystem ugegraff. Well d'Nerve vill Beräicher am Kierper kontrolléieren, sinn domat verschidden Deeler am Kierper betraff. Dës bedeit, datt Symptomer op vill verschiddene Plaze kënnen optrieden. Dofir manifestéiert sech d'Krankheet bei jidderengem op eng aner Aart a Weis a se gëtt och d'Krankheet mat den 1.000 Gesiichter genannt.

## Wat geschitt am Kierper bei enger MS?

Bal all d'Kierperdeeler sinn duerch d'Réckemuerch mam Gehir verbonden: d'Messages zirkuléieren tëschent hinnen zwee laanscht d'Nerven. Dës Signaler kontrolléieren, wéi eng Deeler op wéi eng Aart a Weis beweegt ginn oder funktionéieren. D'Signaler si fir Sensatiounen ewéi Péng, Beréierung asw. verantwortlech.

Bei enger MS attackéiert d'Immunsystem d'Schutzschicht (och nach Myelin-Schicht genannt), déi sech ronderëm d'Nerve vum Gehir an dem Réckemuerch befënnt. Dacks kënn et dann zu enger Entzündung, déi, wa se net behandelt gëtt, Nerve ka beschiedegen. Dat féiert dozou datt d'Messages tëscht Gehir a Réckemuerch manner gutt zirkuléieren. Et ass zu deem Moment, wou sech Symptomer vun der MS weisen.

Bei enger MS ass et also wéi mat engem elektresche Kabel: Bei engem intakte Kabel gëtt d'Elektresch ouni Problem weidergeleet - sou datt den Apparat ouni Problem funktionéiert. Ass awer elo d'Plastikschiicht vum Kabel beschiedegt oder gebrach, kënn de Stroum net méi richteg duerch, an den Apparat geet net méi richteg.

## Firwat kréie munch Leit MS?

Bis haut kenne mer de Grond net. Et geet ee vun enger multifaktorieller Entsteung aus, woubäi dat geneet Zesummespill vun de Facteuren haut nach net bekannt ass. D'Immunsystem spillt dobäi eng grouss Roll.

Eng Bedeelegung vu geneetesche Facteuren ass net ausgeschloss a gëtt aktuell intensiv erfuerscht. Dat heescht awer net, datt MS op direktem Wee verierfbar ass. Et schwätzt een éischer vun enger Neigung, déi verstärkt ass. Fuerscher hunn de Risiko, MS ze kréien, ausgerechent: wann een Elterendeel MS huet, läit de Risk bei just 1,5 Prozent, et och ze kréien.

## A wéi engem Alter manifestéiert sech eng MS?

An de meeschte Fäll gëtt MS tëscht dem 20. an dem 40. Liewensjoer festgestallt. A ganz seelene Fäll trëtt d'Krankheet an der Kandheet oder nom 60. Liewensjoer op.

## Wat sinn d'Symptomer vun enger MS?

D'Symptomer si ganz verschidden, imprevisibel a bei jidderengem individuell. An Zäit vun e puer Deeg oder souguer Stonne kënnen se sech op eemol veränneren, a jee no Typ vun MS kënnen se bleiwen, méi schwaach ginn oder ewechgoen.

Dës sinn déi am meeschte verbreete Symptomer:

- Fatigue - d'Gefill vun totaler Erschöpfung
- komesch Gefiller, wéi wann Äerm, Been, Hänn oder Féiss entschlof wieren, Kribbelen
- Aeproblemer, et gesäit een ondäitlech oder duebel, Entzündunge vum Sehnerv
- Gläichgewichtsstëierungen a Schwindel

- Péng
- Problemer, fir däitlech ze schwätzen
- Muskelsteifheet
- Bloseproblemer
- Konzentratiounsschwieregkeeten
- depressiv Verstëmmungen.

Wéi bei alle Krankheeten, déi deels onsiichtbar Symptomer hunn, treffen déi betraffe Persounen dacks net op Versteesdemech. „Wéi, du fills dech net gutt? Dobäi gesäis de toppfit aus!“ Aus deem Grond spillt d'Sensibiliséierung ëmsou méi eng grouss Roll.

## Wéi gëtt MS diagnostizéiert ?

Eng MS ze diagnostizéieren, ass komplex. Symptomer kënnen deene vu méi verbreete Krankheete gläichen, an et muss dofir no Ausschlussverfahren geschafft ginn. Vum éischte Symptom bis zur definitiver Diagnos vergeet dacks Zäit. No enger detaillierter Anamnees vun der Krankheitsgeschichte vum Patient ginn eng Rei vu spezifischen Ënnersichungen duerchgefëiert:

- eng neurologesch Ënnersichung
- eng Ënnersichung vun der Nervenleitgeschwindigkeit
- eng Lumbalpunktioun
- en IRM vum Réckemuerch.

Déi verschidde Resultater kënnen just all zesammen, wéi wann een e Puzzle zesummeleet, eng Diagnos confirméieren.

## Wéi verleeft eng MS?

De Verlaf vun der MS ka bei jidderengem ganz ënnerschiddlech sinn. Esou entwéckelt sech eng MS bei all Persoun individuell an net no Scheema.

Eng MS muss net zwangsleefeg e schwéiere Verlaf hunn, a bei just wéinege Fäll (ënner 5 %) kënn et an den éischte Joren zu schwéiere Behënnerungen.

Allgemeng gëtt d'Krankheet an zwou Formen ënnerdeelt:

**Schubförmeg MS:** Eng schubförmeg MS manifestéiert sech besonnesch an den éischte Joren a Schubem. Dat si Perioden, wou d'Immunsystem de Myelin ugräift. Duerno kënn et zu sougenannte Remissiounen, während deenen de Kierper probéiert, de Myelin sou gutt et geet ze reparéieren.

**Progressiv MS:** E klengen Undeel vun MS-Betroffenen hu vun Ufank un eng MS, déi sech am Laf vun de Jore progressiv verschlechtert. Bis elo ass net bekannt, wat d'Nerve kontinuierlech ugräift. Bei engem weideren, méi bedeitende Grupp, gëtt d'schubförmeg MS an engem spéidere Verlaf zu enger sekundär progressiver Form.

### Wéi gëtt eng MS behandelt?

Bis haut ass MS net heelbar, awer et gëtt eng ganz Partie effikass Behandlungsméiglechkeeten. D'Therapië baséieren op dräi wëssenschaftlech fondéierte Saiten:

- Therapie vum akute Schub
- verlaufsmodifizierend Therapie
- symptomatesch Therapie.

Jee no Patient, Alter, Geschlecht, Situation Verlaf asw. ginn dës Therapien individuell ugepasst. Akut Entzündungsreaktiounen a Symptomer vun engem Schub kënnen gehemmt ginn, d'Fortschreide vun der Krankheet ka gebremst ginn, an d'Zäit ouni Symptomer ka verlängert ginn - an domat ka Liewensqualität erhale ginn.

Nieft der Therapie mat Medikamenter sti bei der MS eng ganz Partie vu complementaire Behandlungsmethoden zur Verfügung: Physiotherapie, Ergotherapie, Logopedie, Psychotherapie, neuropsychologesch Therapie.

### MSL

Multiple Sclérose Lëtzebuerg regroupiert zënter 2013 d'Aktivitéite vun der Ligue Luxembourgeoise de la Sclérose en Plaques asbl (LLSP) a vun der Fondation Sclérose en Plaques Luxembourg (FSPL). D'Haaptobjektiver sinn d'Verbesserung vun de Liewensbedéngunge vun de betraffene Persounen a vun hirem Ëmfeld duerch vilfältig Ënnerstëtzung an duerch Informatioun a Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet. MSL bitt ausserdeem ugepasste Wunnraim, Dages- a Vakanzestrukturen un.



120, avenue Salenty  
L-9002 Ettelbruck  
T +352 8166-1

10, rue G.-D. Charlotte  
L-9515 Wiltz  
T +352 8166-9

[www.chdn.lu](http://www.chdn.lu)